..

Gemeinderat Schüttringen
Sitzung des Gemeinderats vom 30.11.2016

Anwesend:
Bürgermeister Jean-Pierre KAUFFMANN (DP), Schöffe Jean-Paul JOST (Schëtter Bierger) und die Räte Jean-Marie ALTMANN (LSAP), Michèle DIEDERICH (LSAP), Philippe HUTMACHER (CSV), Pierre LIEBAERT (DP), Claude MARSON (LSAP), Jean-Marie RONK (DP), Claude THEISEN (Schëtter Bierger), Nicolas WELSCH (DP).

Alain DOHN (Gemeindesekretär)

Entschuldigt: Schöffe Victor BACK (Schëtter Bierger)

Bürgermeister Jean-Pierre KAUFFMANN begrüßt die anwesenden Räte, die Presse, die Mitglieder der Finanzkommission und die anwesenden Bürger/innen zu dieser Sitzung. Er weist darauf hin, dass die Einladung fristgerecht erfolgt ist.

Im Vorfeld der Sitzung wird das neue Mitglied des Gemeinderats **Philippe HUTMACHER (CSV)** vom Bürgermeister offiziell vereidigt. Die Neubesetzung wurde nach dem Rücktritt von **Rat Jérôme LEHNERTZ (CSV)** erforderlich.
Rat Nicolas WELSCH begrüßt das neue Gemeinderatsmitglied im Namen der DP Fraktion und wünscht ihm eine gute Hand für seine Arbeit. Er bedankt sich auch bei **Rat Jérôme LEHNERTZ** für die gute und konstruktive Zusammenarbeit. Dem schließen sich **Rat Claude MARSON (LSAP)** und **Schöffe Jean-Paul JOST (Schëtter Bierger)** an.

Anschließend berichtet der Bürgermeister über die wesentlichen Ereignisse seit der letzten Sitzung oder kommende Termine:

Er weist darauf hin, dass ein dringendes Verkehrsreglement zusätzlich in die Agenda aufgenommen wird. (Punkt 2).

Am 02.12. kommt ab 16.00 Uhr der Nikolaus zu den Kindern der Gemeinde Schüttringen. Bei dieser Gelegenheit organisiert die Schule eine Kaffeestube deren Erlös einem guten Zweck zugeführt wird. Alle Räte sind herzlich eingeladen.

Schöffe Jean-Paul-JOST ergänzt:
Die Veranstaltung „Wie funktioniert meine Gemeinde“ am 12.11. ist gut gelaufen und rund 30 Bürger hatten den Weg ins Gemeindehaus gefunden.
Die Veranstaltung „Fête intergenerationelle“ war von den Verantwortlichen wie jedes Jahr wieder einmal sehr gut organisiert. Man hätte sich etwas mehr Besucher gewünscht, aber die Anwesenden haben einen schönen Nachmittag bei gemeinsamen Aktivitäten verbracht.

Herr Gerard DAHM legt sein Mandat als Mitglied der Verkehrskommission nieder da er aus der Gemeinde wegzieht. Die LSAP Fraktion ist gebeten einen neuen Kandidaten zu benennen.

1. **Kommunale Finanzen**

1.1. **Vorstellung der Konten 2015**

Finanzschöffe Jean-Paul JOST erläutert die Abschlusskonten des Jahres 2015. Das Jahr 2015 schließt mit einem ordentlichen Überschuss von 3.070.157,25 € ab, dem ein Verlust im außerordentlichen Bereich von 1.217.565,30 € gegenübersteht, also mit einem definitiven Bonus von **1.852.591,95** €. Unter Berücksichtigung des Gewinnvortrags aus 2014 (10.997.176,64 €) beläuft sich der gesamte Überschuss des Jahres 2015 auf 12.849.768,59 €.

	Ordentlicher Haushalt	Ausserordentlicher Haushalt
Gesamtsumme der Einnahmen	13.047.330,66 €	2.366.686,00 €
Gesamtsummer der Ausgaben	9.977.173,41 €	3.584.251,30 €
Gewinn Budgetjahr 2015	3.070.157,25 €	
Verlust Budgetjahr 2015		1.217.565,30 €
Überschuss aus 2014	10.997.176,64 €	
Gesamtüberschuss	14.067.333,89 €	
Gesamtverlust		-1.217.565,30€
Definitiver Überschuss 2015	12.849.768,59 €	

Der Finanzschöffe erläutert im Detail die wesentlichen Einnahmen- und Ausgabenpositionen sowie die Investitionen des Jahres 2015. Er betont, dass die Gemeinde nach wie vor keine Kredite aufnehmen muss und dankt allen Beteiligten für die gute Zusammenarbeit bei der Erstellung der Konten.
Nach der Kontrolle des Jahresabschlusses 2015 durch das Innenministerium werden die Konten dem Gemeinderat zur Diskussion und Abstimmung vorgelegt werden.

Vorstellung des berichtigten Budgets 2016 und des Planbudgets 2017

Einleitend verweist Finanzschöffe Jean-Paul JOST die Herausforderungen einer soliden Finanzplanung in einem unruhigen sozialen und politischen Umfeld. Er umreißt in groben Zügen die Ausrichtung der Investitionspolitik der Gemeinde. Das Budget steht in der kommenden Gemeinderatssitzung zur Diskussion und Abstimmung. Ziel der Verantwortlichen sei es die Gemeinde fit zu machen für die Herausforderungen auf personellem, technischem und infrastrukturellem Niveau und damit den Anforderungen aller Bürger gerecht zu werden.

Übersicht betreffend das Planbudget 2017 :

	Ordentlicher Haushalt	Ausserordentlicher Haushalt
Gesamtsumme der Einnahmen	15.110.968,00 €	2.681.693,00 €
Gesamtsummer der Ausgaben	11.717.245,33 €	15.425.889,81 €
Gewinn Budgetjahr 2017	3.393.722,67 €	
Verlust Budgetjahr 2017		12.744.196,81 €
Voraussichtlicher Überschuss 2016	9.839.231,26 €	
Voraussichtlicher Verlust 2016		
Gesamtüberschuss	13.232.953,93 €	

Gesamtverlust		12.744.196,81 €
Definitiver Überschuss 2017	488.757,12 €	

Detaillierte Information über das angepasste Budget 2016 und das Planbudget 2017 finden sie in der nachfolgenden Präsentation des Schöffenrates.

Madame, dir Hären Gemengeconselljeen,
Madam, dir Hären vun der Finanzkommissioun,
Dir Damen an dir Hären,

Mir sti virum Enn vum Joer an et ass un der Zäit eis e Budget ze ginn fir am nächste Joer an eiser Gemeng dat kënnen ëmzesetzen wat néideg ass fir eise Matbierger hier Liewensqualitéit weiderhin ze garantéieren oder esouguer nach auszebauen.

D 'läscht Joer beim Budget hat ech vun engem bewegtene Joer geschwat dat mer hannert eis haten, an ech géing mengen och 2016 hu mir eis nët gelangweilt.

D'Flüchtlingsproblematik, de Wuesstem vun eisem Land, d 'Reform vun de Gemenge Finanzen, d 'Trennung tëscht Kierch a Staat, d 'Reform vun de Rettungsdëngschter, alles Themen mat deene mir eis hu missen nieft eisem normale Geschäft beschäftegen.

Am Moment diskutéiere mir op allen Niveau' en iwwer d 'Zukunft vun dësem Land. An ech mengen mir wëssen et all, d 'Weiche si schonn deelweis gestallt an et gelt déi Entwécklung sou gudd wei méiglech, am Interessi vu **jidderengem** ze stéieren an derfir ze suergen dat keen op der Streck bleift.

Och op Gemengenniveau musse mir reagéieren an eis Gemeng fit maachen fir déi kommend Erausfuerderungen, dëst souwuel op personellem, techneschem wéi op infrastrukturellem Niveau.

An den heitegen Zäiten musse mer eis méi wéi jee regelméisseg a Fro stellen, mir kënnen nët méi funktionéieren wéi mer dat iwwer Jorhonnerten gewinnt waren, well mir hunn et haut mat enger ganz anerer Komplexitéit a Vitesse an der Entwécklung ze dinn, wei dat nach virun e puer Joer de Fall war.

An deem Sënn hu mir virgesinn fir all eis Gemengenservicer eng Kéier ze duerchliichten an an enker Zesummenaarbecht mat eisen Aarbechter a Beamten, eis technesch an administrativ Servicer sou ze reorganiséieren dat eis Gemeng optimal opgestallt ass fir d 'Zukunft. Mir wäerten och dat néidegt Personal astellen fir dat mir **all eis nei Aufgaben** am Interessi vun eise Bierger

erleedege kënnen, an derfir suergen dat och déi néideg Raimlechkeeten fir eis Servicer zur Verfügung gestallt ginn.
An deem Sënn wëll ech hei op dëser Platz och emol eng Kéier op d 'Wichtegkeet vun der Gemeng hirem Rôle hiweisen, dëst besonnesch an Zäiten vu Globaliséierung a fräier Maartwiertschaft.

Et ass un eis Hand iwwer eis Bierger ze halen, derfir ze Suergen dat eis Kanner eng gudd Ausbildung kréien, eis Jonk anstänneg bezuelte Platzen an erschwënglech Wunnechten, eis Familljen iwwer d 'Ronne kommen, och wann emol eng Kéier e vun den Elteren Deeler krank gëtt oder d 'Aarbecht verléiert, dat eis eeler Matbierger, déi eventuell keng esou deck Pensiounen hunn, déi néideg Mëttelen behalen fir e flotten Liewensowend an eiser Mëtt ze verbréngen.

Mir sinn och responsabel derfir dat déi nächst Generatiounen hei an der Gemeng nach propper Drénkwaasser, eng gesond Loft an eng intakt Ëmwelt virfannen, dat eis Dierfer nët zu anonymen Wunnquartéieren verkommen, mäi dat dës Gemeng eng Platz bleift wou et schéin ass ze liewen a wou een sech an enger flotter Gemeinschaft erëm fënnt déi engem och zur Säit steet wann een Hëllef brauch.

Virun engem Joer stoung virun allem d'Flüchtlingsproblematik am Fokus. Sie ass ëmmer nach eng Erausfuerderung fir eis Regierung a mir verschléissen eis och nët fir an Zukunft nach deen een oder aneren bei eis opzehuelen dee seng Heemecht muss aus Sécherheetsgrënn verloossen, dëst souwäit mir hei an der Gemeng Logementsméiglechkeete fannen. Déi 3 Familljen déi mir bis elo bei eis opgeholl hunn hu sech mëttlerweil agelieft a fillen sech wuel hei bei eis.

Virun engem Joer hate mer op dëser Platz och gesot mir géingen weiderhin Ustrengunge maachen fir eis jonk Familljen déi et nët einfach hunn hei an der Gemeng Wunnechten zu erschwengleche Präisser ze fannen. Sou hunn am Laf vun dësem Joer verschidde Jonker an den Haiser an Appartementer vun der SNHBM am Leyebierg en neit Doheem fonnt.

Mir sinn och amgaang d 'Haus Berna hei zu Schëtter ze verlounen an do wäerten dann och Ufank nächst Joer 2 Familljen aus der Gemeng kënnen aplënneren. Hei ass et eis domat gelong e Stéck vun eisem Patrimoine ze erhalen an donieft eppes fir eis Bierger ze maachen.

Am Moment hu mir och nach verschidden aner Projet 'en fir mat staatlechen Zouschëss Haiser ze bauen déi duerno awer am Besëtz vun eiser Gemeng bleiwen. Am Leyebierg wäerte mir elo Ufank 2017 mam Bau vun 2 Eefamilljenhaiser ufänken. Mir si weiderhin iwwerzeegt dat dëst e sënnvolle Wee ass en Deel vun eise Recetten ze investéieren, an dat esou, dat och nach déi, déi no eis kommen dovunner kënne profitéieren.

Wat d 'Ëmwelt ugeet hu mir eis nët ausgerout nodeems mer Enn 2015 am Dossier Klimapakat mat 60 % certifiéiert gi waren. Mir hunn déi Recette vun 110.000,- € d 'Joer an eis Ëmwelt investéiert. Eist Energiekonzept dat mer an Optrag ginn hunn ass esouwäit fäerdeg a wäert demnächst dem Gemengerot, der Ëmweltkommissioun an dem Klima Team virgestallt ginn.

Eist Ziel ass nach ëmmer eng 75% Zertifizeierung am Joer 2017 a mir wäerte weiderhin de Gedanken vum Ëmweltschutz bei all eisen Handlungen am Hanner Kapp hunn.

Nodeems mer dëst Joer verschidde Subventiounen agefouert hunn wäerte mer d'nächst Joer weider gezielt Aktiounen ënnerhuelen fir Energiespuermossnahmen ze förderen an och selwer als Gemeng weiderhin mam gudde Beispill virgoen.

A Saache Klima Pakt hu mir eng ganz flott Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschgemengen, am Kader vum regionale Klima Team, dat sech regelméisseg trefft a gemeinsam Aktiounen fir eis 5 Gemengen duerchféiert. Sou hu sech dëst Joer zb. sämtlech Servicer vun eise Gemengen am Kader vu verschiddene Versammlunge getraff an hier praktesch Erfahrungen a Saache Klima Pakt ausgetosch. Dat Ganzt gëtt vum SIAS gudd koordinéiert.

An an deem SIAS konnte mir och déi meescht Gemengen aus dem Osten iwwerzeegen sech eis, iwwer Konventioun unzeschléissen fir eis gemeinsam fir de Schutz an den Erhalt vun eise Kulturlandschaften a Liewensraim anzesetzen, an Erwaardung vun deem neien Naturschutz Syndikat Osten. Dëst ass och e wichtege Schrëtt am Interessi vun eiser Ëmwelt.

Eisen neie Bebauungsplang, deen festleeë soll wéi mir an Zukunft hei zu Schëtter wëlle liewen a wunnen.... Eist Ziel war dëst wichtegst Dokument an der zweeter Halschecht 2016 op den Instanzewee ze ginn. Leider waarde mir nach ëmmer op den Avis vum Ëmweltministère zu eiser SUP (Strategische Umweltprüfung) mäi well am Moment all Gemengen un hire Bebauungspläng schaffen sinn do elo Délai 'en vu méi wéi engem Joer.

Ufank nächste Joer wäert mir hei um Dësch awer ufänken iwwer d 'Pläng an de schréftlechen Deel vum Bebauungsplang ze diskutéieren a mir hoffen dat mer et dann awer d'nächst Joer virun der grousser Vakanz packen fir en op den Instanzewee ze ginn.

En aneren Dossier a Saachen Gemengen Entwécklung ass den Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter rondrëm d'Kircheplaatz. Deen Aarbechtsgrupp deem mer dës Missioun uvertraut hunn, huet bis elo gudd geschafft a konnt zesummen mat eise Veräiner d'Besoin'en a Saachen kulturell Infrastrukturen

festleeën. Et gëllt elo nach ze kucken wat fir aner Aktivitéiten nach sollen an den Zentrum vu Schëtter kommen an da musse mir op Basis vun all dësen Informatiounen kucken wat wou seng Platz fënnt.

E wichtege Projet dee mir dëst Joer konnten ëmsetzen war den Ausbau vun eiser Maison Relais an de Bau vun enger neier Crèche. Am Oktober 2015 hu mir hei am Gemengerot dee Projet ofgeseent, Enn Oktober vun dësem Joer sinn d 'Kanner an déi néi Crèche geplënnert.

An och wa mir eis hei, fir eise Site an der Dällt nët definitiv ze verbauen, fir modular Gebaier entscheet hunn, ka jidderee sech haut op der Platz vun der héijer Qualitéit vun dësen Infrastrukturen iwwerzeegen, déi engem traditionelle Bau an näischt no stinn.

Eise Schoul- Sport- a Kulturzentrum wäert am Laf vum nächste Joer och sei Gesiicht e bëssen änneren. Den Aarbechtsgrupp fir d 'nei Uleeën vun de Schoulhäff ass gudd am Schaffen, an Ufank 2017 lee mir em Gemengerot d'Pläng an den Devis fir d 'Neigestaltung vun deenen verschiddenen Häff vir. Hei soll och de Bau vu verschiddenen Auvent 'en virgesi ginn fir dat d 'Kanner kënne bei schlechtem Wieder dobausse spillen.

D 'Planungen fir den Ëmbau vum Centre Culturel an engem Deel vun der Schoul si fäerdeg, an dës Aarbechte sollen am Abrëll 2017 ugoen. An an enger 2. Phase wäerte mir och elo nach e Projet maachen fir d 'Klassesäll vun deem eelsten Deel ganz opzefrëschen.

Dank eise regelméissegen Investissementer a modernen a praktesche Schoulgebaier an an d 'Maison Relais fannen all eis Kanner hei optimal Konditiounen fir hier Ausbildung an et ass och garantéiert dat all Kand dat bei eis an d 'Schoul geet hei eng Platz an der Maison Relais kritt.

Donieft si mir och amgaang queesch duerch d 'Gemeng nei Spillplazen unzeleeën an déi bestehend Infrastrukturen ze erneieren.

Mais mir maachen nët nëmmen Eppes fir eis Jonk. Och eisen eelere Generatiounen probéiere mir dat ze bidden wat wichteg ass fir dat sie sech hei wuel fillen an esou laang wei méiglech aktiv bleiwe kënnen. Dee Service fir hinnen beim Ënnerhalt vun hiren Haiser a Gäert ze hëllefen ass gudd ugelaf an huet vill Succès. An de Projet vun altersgerechte Wunnengen kënnt och virun an et ass virgesinn dat de Bau am Laaf vum Joer 2017 ufänkt.

An an dësem Budget hu mer selbstverständlech och eis Veräiner nët vergiess. Nieft der substantieller Ënnerstëtzung déi mir hinnen iwwer de Wee vun de Subsiden ginn versiche mer hinnen och weiderhin déi Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen déi se brauchen fir hir Aktivitéiten auszeüben.

Am Budget 2017 fanne mir déi néideg Gelder fir d 'Buvette um Fussballsterrain, Infrastrukturen fir eis Kulturveräiner, eng Bikepist, eng Roseraie beim Minsber Schlass, den Ausbau vum Scoutschalet, an, nodeems hei déi administrativ Hürden souwäit geholl sinn, eng Zuchtanlag fir Kléng Déieren.

Nieft all dëse flotte Projet 'en vun deenen eis Bierger direkt eppes hunn maache mir awer och nach vill aner Investissementer déi oft manner opfalen.

Sou musse mir an Zukunft vill an eis Kanal Netz investéieren an nach 5 Réckhaltebecken bauen wéi mir de leschten elo an der Kanecher Strooss zu Schëtter realiséiert hunn. Donieft wäert mir nach d 'Rue de Senningen um Neihaischen, d 'Rue du Village zu Aal-Schëtter an d 'Entrée vun der Schlassgewann Astand sëtzen.

Dat mer de Verkéier nët aus eisen Haaptstroossen erauskréien, deem si mer eis all bewosst – duerfir probéiere mer en, am Kader vun all eise Projet 'en, souwäit wéi méiglech ze berouegen an eng Sécherheet fir Foussgänger a Vëlosfuerer ze schafen. An deem Sënn hu mir zu Minsbech virgesinn fir virun der Schoul eng 30er Zone ze maachen, an en Trottoir a Vëloswee vun der Industriezon bis op Nidderanven ze bauen, zu Aal Schëtter maache mir de leschten Deel vun der Vëlospiste Richtung Iwwersiren an och am Syrdall wollte mir am Kader vu Kanalarbechten en éischten Deel vun enger Vëlospiste bauen.

An all dës Aarbechten musse mir coordinéieren mat den Chantier'en déi d'Creos an d'Post nach wëlle maachen. Dir gesitt, et ass nët ëmmer sou einfach an och wa mir verstinn dat munch Matbierger sech iergert, géinge mer awer fir Verständnes bieden, well all dës Aarbechten gi just am Intressi vun Iech all gemat a nëmmen esou bleiwen Versuergung an Entsuergung, an domadden och eis Liewensqualitéit, geséchert.

Dir gesidd, Iddien wou mer kënnen investéieren hu mer genuch, mäi fir dat kënnen ze maachen, musse mir awer och kucken fir déi néideg finanziell Mëttel ze garantéieren an och derfir suergen dat dës esou sënnvoll wei méiglech agesat ginn.

Eis Finanzen si weiderhi gudd. Wat déi genee Auswierkungen vun der Reform vun de Gemenge Finanzen op eis Gemeng sinn, kann een am Moment nach nët genee chiffréieren. Déi Zuelen déi am Budget stinn sinn eng virsiichteg Schätzung vum Inneminister.

Op der enger Säit kréie mer Eppes weider, dofir geet eis Part am "fonds pour l'emploi" awer an d 'Lut. Fir 2017 hu mir och nach eis Participatioun un de Gehälter vum Léierpersonal vum Joer 2016 an den Dépense stoen. Déi faalen

awer ab 2018 ewech an an d'Plaatz muss d 'Gemeng em Staat séin Deel un der Pensiounskeess vun de Gemengebeamten iwwerhuelen.

Eis Verantwortung ass et och an Zukunft séchergestallt ass dat mir eis Gebaier a Réseau 'en an engem gudden Zoustand hale kënnen, an dat och nach déi nächst Generatiounen **déi** Projeten finanzéiere kënnen déi eng modern Gemeng brauch. An deem Sënn solle mir eis virsiichteg a verstänneg Finanzpolitik weiderfeieren.

Eis Taxen sinn am Moment gréisstendeels käschtendeckend a mir musse kucken fir se och regelméisseg unzepassen wann d 'Scheier vun de Recetten an Ausgaben ze weit ausernee geet. Aktuell ass dat a Saachen Offall Entsuergung de Fall a mir sinn amgaang en neit Offallkonzept auszeschaffen op Basis vun deem d 'Taxen dann och eng Kéier mussen adaptéiert ginn.

Och d'Iddi vun enger sozialer Stafflung hu mir nët opginn a mir wäerten dee Facteur bei den nächste Revisiounen mat ëmsetzen. Duerch d 'Astellen vun zousätzlechem Personal wäert et an Zukunft och méiglech ginn eis Taxen méi oft ze verrechnen sou **dat dat** fir eis Client 'en keng sou grouss Montant 'en méi sinn.

D'Personalkäschten maachen 27,10% vun eisen uerdentlechen Ausgaben aus. Sie steigen dëst Joer ëm 7,4% well mer virgesinn hunn an alle Servicer nei Leit anzestellen, dëst op Basis vun de Proposen déi eis Leit an déi zoustänneg Beroderfirma eis no der Analyse vun de verschiddene Servicer maachen. Mir sinn iwwerzeegt dat dëst Opstocken vum Personal néideg ass fir weiderhin all eisen Aufgabe gerecht ze ginn.

37 Leit schaffen am Moment op der Gemeng 18 dovun sinn Aarbechter an 19 Beamten oder Privatbeamten.

Eis ordinär Einnamen falen am Budget 2017 em ronn 1,9% par Rapport zum Budget rectifié 2016. D 'Ursaach heivunner ass dat mir am Joer 2016 dräi Quittancementer verrechent hunn wat e Surplus vun 585.000 € ausmécht, e Restantenétat vun ronn 73.000 € haten a Kautiounen an der Recetten haten vu ronn 63.000 €. Rechent een dës 721.000 € am Rectifié 2016 eraus dann hu mer eng Progressioun vun 2,9 %, déi haaptsächlech duerch déi steigend Recetten bei der Gewerbesteier an dem Fonds de Dotation Globale des Communes (FDGC) kënnt.

Eis Ausgaben klammen op der anerer Séit ëm 7,1 % par Rapport zum Rectifié 2016. Dat sinn 780.042,01 €. Rechent een hei emol déi 290.000 € of déi mer méi mussen un de Fonds pour l'Emploi bezuelen dann hu mer nach eng Progressioun vun 4,4 % wat duerch zousätzlech Personalkäschten an eng Indextranche ze erklären ass.

Ech ginn och nët midd mech all Joer erëm hei ze widderhuelen an ze betounen dat dëst e Budget ass.

Eise Prinzip mat deem mer bis elo ëmmer gefuer sinn war d 'Recetten nët ze héich unzesetzen, fir nët Geld ze verplangen wat nët erakënnt an d 'Ausgaben dergéint e bësse méi héich virzegesinn fir den néidege Kredit débloquéieren ze kënnen fir eventuell onvirgesin Ausgaben. A bis elo hu mer jo och nie alles ausginn just well et am Budget stoung.

Budget rectifié 2016

Ier mer zum Budget 2017 kommen wëll ech hei nach eng Kéier op d 'Zuelen vum Budget rectifié vum lafenden Exercice agoen, iwwer dee mer jo och virum Budget 2017 ofstëmmen.

Am **Budget rectifié 2016** hu mir **uerdentlech Recetten** vun ronn 15,4 Milliounen €, also 5,9% **méi** wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2016 ageschat.

D'Ursach heivu sinn haaptsächlech Mehreinnahmen duerch deen 3. Quittancement dee mer aus technesche Grënn nët méi virum Ofschloss vum Exercice 2015 konnte maachen.

Déi **uerdentlech Dépensen** schätze mer fir **2016** op 10,9 Milliounen. Si sin also 4,2 % **méi niddereg** wéi am Budget initial 2016 ageschat.

Ënnerscheeder am Verglach zu dem Budget initial goufen et ënner anerem op dëse Posten:

- 12.500 € manner bei de Ausgaben vun de Kommissiounen;
- 15.000 € manner bei den Affekotekäschten;
- 85.500 € manner Personnalkäschten a Sekretariat an Service Technique;
- 12.500 € manner fir Berodungsdëngeschter;
- 46.000 € manner beim Zréckbezuelen vu Bankgarantien;
- 88.400 € manner bei de Betribskäschten vun der Maison Relais;
- 13.150 € manner bei de Subsiden fir Schüler;
- 25.000 € manner beim Lounen vu Wunnechten fir Demandeurs d'Asyle;
- 35.890 € manner beim Service d'Incendie;
- 93.000 € méi beim Ënnerhalt vun de Feldweeër;
- 75.000 € manner bei den Aarbechterpayen;
- 53.000 € méi bei der Waasser Versuergung;
- 30.000 € manner beim Ënnerhalt vun de Stroosseluten;

- 21.000 € méi beim Transport wéint der Navette am Kader vum Chantier an der rue de Canach;
- 10.000 € manner bei den ëffentleche Feierlechkeeten;

Bei den **ausseruerdentlechen Recetten** leien mir mat 2,5 Milliounen € ëm 9,8% méi héich wéi urspréngleche ageschat. Dëst kënnt virun allem doduerch dat mer de Recours op de Reservefong vum Pacte Logement gemat hunn fir déi nei Crèche ze finanzéieren an dat mer am Restantenétat nach déi 175.000 € opstoen hunn.

Déi wichtegst ausseruerdentlech Einnamen fir 2016 sinn:

- 215.000,00 € Infrastrukturtaxen a Bedeelegung vun de Promoteuren un den Infrastrukturen;
- 1.029.751,59 € vum Reservefong Pacte Logement fir de Bau vun der neier Crèche;
- 577.500,00 € Bedeelegung vum Staat um Kaaf an Ëmbau vum Haus 98, rue Principale zu Schëtter;
- 296.055,00 € Subsid am Kader vum Pacte Logement.

Ausseruerdentlech Dépensen hunn mir am Joer 2016 fir ronn 10 Milliounen € gemaach. Dat sinn 47 % manner wéi am urspréngleche Budget agesat. Dëst waren déi wichtegst Ausgaben;

- 301.828,51 € fir de Bebauungsplang;
- 110.000,00 € fir Loftopnahmen vun der Gemeng;
- 2.232.097,14 € fir de Bau vun enger neier Crèche;
- 1.246.134,68 € fir den Ausbau vun der Maison Relais;
- 129.994,98 € fir Projet 'en am Kader vum Klima Pakt;
- 380.000,00 € fir den Kaf vun Terrain 'en;
- 100.000,00 € fir den Ëmbau vun engem Haus dat d 'Gemeng kaaft huet a verlount;
- 200.000,00 € fir de Bau vun 2 Haiser am Leyebierg;
- 150.000,00 € fir d'Astandsetzung vun eise Gréngflächen;
- 150.000,00 € fir d'Astandsetzung vun de Gemengestroossen;
- 250.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Chemin Brehm;
- 215.581,50 € fir nei Gefierer fir den techneschen Déngscht;
- 101.764,73 € fir d'Astandsetzung vum Wasserréseau;
- 330.000,00 € fir d'Verleen vun enger neier Waasserleitung am Waasserfeld;
- 300.000,00 € fir Capacités de Réserve beim SIDERE ze kafen;
- 969.354,20 € fir d'Astandsetzung vum Schoul-, Sport- a Kulturzentrum zu Minsbech;
- Ronn 140.000,00 € fir d'Astandsetzung vun den Alentouren rondrëm d 'Schoulen an der "Dällt".

De Budget rectifié vum Joer 2016 schléisst mat engem Mali vun 3.010.537,33 € of.
Wann een dann de Boni vun 12.849.768,59 € vum Exercice 2015 derbeizielt, däerfte mer d'Joer 2016 mat engem présuméierte Boni à reporter vun 9.839.231,26 € ofschléissen.

III. Budget 2017

Komme mer elo zum Budget 2017, deene Krediter déi mer brauchen fir eis Projet 'en fir d 'nächst Joer ëmzesetzen.

Déi **uerdentlech Recetten** belafen sech op 15,11 Milliounen €. Si leien ronn **3,9 %** méi héich wéi am Budget **initial** 2016, an 1,9 % méi niddereg wei am rektifizéierte Budget 2016.

Dëst ass wei gesot doduerch dat mir am Joer 2016 dräi Quittancementer verrechent hunn, ee héijen extraordinäre Restantenétat haten a Kautiounen als Recetten haten. Ouni dës 3 Facteuren hu mer eng Progressioun vun 2,9 %, déi haaptsächlech duerch déi steigend Recetten bei der Gewerbesteier an dem Fonds de Dotation Globale des Communes (FDGC) kënnt. Am Verglach zum Kont 2015 hu mir esouguer eng Progressioun an den ordinaire Recetten vun 15,8%.

Fir 2017 hu mir op Basis vun der neier Berechnung, no der mir just nach 35% vun der Gewerbesteier déi op eisem Territoire erschafft gëtt, **direkt kréien**, ronn 1,8 Milliounen Einnamen un Gewerbesteier. Duerfir kréie mir aus deem neien FDGC ronn 10,2 Milliounen.

Dës zwou Recetten maachen 79,97 % vun den uerdentlechen Einnamen vun der Gemeng Schetter aus. Am Verglach zum Budget rectifié hu mir hei eng Hausse vun 5,1 %, par Rapport zum Kont 2015 sinn et 14,86 %, dëst ass awer doduerch bedéngt dat mer 2015 nëmmen 1 Quittancement gemat hunn.

Déi uerdentlech Dépensen belafen sech op insgesamt 11,72 Milliounen €. Am Verglach zum Budget initial vum Joer 2016 leien dës ëm 0,30 Milliounen € oder 2,6 % méi héich. Par rapport zum Budget rectifié 2016 hu mir, duerch deen héije Beitrag un de Fond pour l'Emploi, eng Progressioun vun den uerdentlechen Ausgaben par rapport zum Budget initial 2016 vun 7,1 %, ouni d 'Contributioun zum Fonds pour l'Emploi leie mer bei 4,4 %.

Déi Ausgaben klammen also nët ze staark par Rapport zum Budget initial 2016 a Budget rectifié 2016 wann ee bedenkt dat eng Indextranche vun 2,5 % mat agerechent ass, a mir virgesinn hunn weider Personal anzestellen.

Fir 2017 hunn mir Lounkäschten vun ronn 4,14 Milliounen € virgesinn. Dëst sinn ongeféier 35,4% vun eisen uerdentlechen Dépensen. Dës Lounkäschten verdeelen sech mat 1.155.000,00 € op d 'Gemengenaarbechter, ronn 970.000,00 € op d 'Schoulpersonal (Deel vun der Gemeng deen 2018 awer weg fält), ronn 1.425.000,00 € Gehälter an der Administratioun (Sekretariat a Recette), ronn 70.000 fir den Agent professionel vun de Pompjeeën, vun deem senger Pay mer 50% vun Nidderanven zréck kréien, an den Agent Municipal, a 530.000 € Gehälter am Service technique.

An der Rubrik 1 « *Services généraux des administrations publiques »* belafen sech d 'Dépensen op viraussiichtlech 3.460.789,00 € fir d 'Joer 2017. Dëst ass eng Hausse vun 15,2 % par rapport zum Rectifié 2016, wat sech haaptsächlech duerch déi héich Bedeelegung um Fonds pour l'Emploi erkläert an duerch eng Progressioun bei de Personalkäschten.

An der Rubrik 2 *„Protection sociale*" stinn Ausgaben vun 1.043.257,00 €. Hei fanne mir de Repas sur Roues an de Club Senior mais och d'Crèche an d'Maison Relais. Hei hu mer par Rapport zum Rectifié 2016 e Plus vu ronn 103.000,00 € deen duerch zousätzlech Käschten fir Crèche a Maison Relais, wou mer permanent méi Kanner kréien, ze erklären ass.

Ennert 3 „*Ordre et sécurité publics*" fanne mir Ausgaben vun 275.850,00 €. Hei hu mer eng Progressioun vun 31,00 % par Rapport zum Rectifié, dëst doduerch dat eisen nei Mann am Service d'Incendie d 'nächst Joer ganz gerechent gëtt. Vu senger Pay kréie mer wei gesot jo d 'Halschent vun Nidderanven zréck, an am Kader vun der Restrukturéirung vun de Rettungsdengschter wäert hien och vum Staat iwwerholl ginn.

D 'Rubrik *„Affaires économiques*" - mat 343.500,00 € sinn dat d'Feldweer, de Service Forestier, den Tourismus an d 'Bussen déi mir organiséieren. Heirënner fält och eis alljährlech Cotisatioun beim ORT-Centre-Ouest.

D'Rubrik *„Protection de l'environnement*" gesäit Ausgaben vun 1.427.980,00 € vir. Se begräift d'Gestioun vum Offall mat 674.788,00 €, d 'Behandlung vum Ofwaasser mat 621.125,00 € souwéi den Naturschtzdeel vum Sias mat 132.067,00 €. An dëser Rubrik hu mer eng Steigerung vun 5,1 % doduerch dat och d 'Käschte vun de Syndikater, déi fir eis dës Missiounen iwwerhuelen, permanent klammen.

An der Rubrik *„ Logements et équipements collectifs*" fanne mer den Entretien vun den ëffentleche Platzen, d'Circulatioun, den Ennerhalt vun de Gemengestroossen, den Ënnerhalt vum Kierfeg, an d'Fonctionnementskäschten fir den Atelier vun den techneschen Déngschter.

Dës Positioun begräift d 'Paien vun den Aarbechter an dei ganz Käschten vun de Gefierer an dem Aarbechtsmaterial. D'Gesamtkäschten sinn hei 2.425.950,00 € dat bedeit eng moderat Hausse vun 3,1 % par Rapport zu 2016, bedéngt duerch d 'Astellen vun zousätzlechem Personal.

D'Rubrik *„Loisirs, culture et cultes*" begräift d'Sportsterrain'en mat 91.000,00 €, d'Sportshaalen mat 263.275,00 €, d'Subsiden un d'Sportsvereiner mat 22.500,00 €, de Centre Culturel mat 152.275,00 €, d 'Museksschoul mat 231.500,00 €, d 'Kierch mat 12.000,00 €, déi offiziell Feierlechkeeten mat 85.000 € a schlussendlech verschidden Ausgaben wei d 'Indemnitéiten vun de Chargéen déi Cours 'en halen, d 'Subsiden un déi kulturell Veräiner , Kaf vu Konschtwierker asw. mat 83.000 €. Alles an allem kascht dës Rubrik 940.550,00 €. Mir hunn hei eng Hausse vun 2,6 % par Rapport zu 2016.

An der Rubrik «*Enseignement*» stinn schlussendlech 1.799.369,33 € Dépensen. Déi déckste Posten an der Rubrik Enseignement sinn ewéi all Joer d 'Personalkäschten mat 969.794,33 € an dem Schoul Transport mat 275.000,00 €. An dëser Rubrik hu mer eng Hausse vun 4,4 % déi haaptsächlech duerch Entretienskäschten un de Gebaier kënnt.

Mir versiche permanent eis uerdentlech Käschten am Grëff ze halen, well och wann et an de lëschte Joren mat eisen Einnamen regelméisseg biergop gaang ass, sollte mer dat nët als Normalitéit gesinn.

Als Gemeng wäerte mer awer nët ophalen ze investéieren, well dovunner hänken an dësem Land och Aarbechtsplazen of. Als Fairtrade Gemeng wäert mir awer och an Zukunft probéieren esou anzekafen dat eis Geld bei deen ukënnt déi d 'Aarbecht maachen a mir wäerte verstäerkt oppassen dat all eis Fournisseuren och déi sozial Kritären anhalen.

Recettes extraordinaires.

Déi ausseruerdentlech Einnamen ginn fir d' Joer 2017 op 2.681.693,00 € ageschat. Dës leien deemno 18,1 % méi héich wei am Budget initial vum Joer 2016 well mer verschidde Subsiden vum Staat fir eis Crèche a Maison Relais, a fir de Bau vun Haiser kréien. An och de SIDOR bezuelt eis 2017 en Deel vu Kapital zréck.

Hei déi wichtegst Einnamen mat deene mer fir 2017 rechnen:

- 100.000,00 € Bedeelegung vu Lotisseuren am Kader vu PAP 'en;
- 125.000,00 € Infrastrukturtaxen;
- 380.000,00 € fir den Ausbau vun der Maison Relais;

- 300.000,00 € fir den Ëmbau vun den aale Raimlechkeeten vun der Crèche als Maison Relais;
- 269.044,00 € Subside fir d'Klengdéierenzuchtanlag zu Iwwersiren;
- 221.899,00 € Remboursement vu Kapital duerch de SIDOR;
- 500.000,00 € Subsid fir de Bau vun Haiser fir ze verlounen am Leyebierg;
- 150.000,00 € Subsid fir de Vëlos- a Foussgänger Wee tëscht Minsbech an Nidderanven.

Dépenses extraordinaires.
Déi geplangten ausseruerdentlech Ausgaben belafen sech fir 2017 op 15.425.889,81 €:

- 500.000,00 € fir den Ëmbau vum Paschtoueschhaus zu Schëtter;
- 100.000,00 € fir de Bebauungsplang;
- 100.000,00 € fir eventuell regional Projet 'en am Kader vun der Airregioun;
- 100.000,00 € fir den Architekteconcours am Kader vum Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter;
- 70.000,00 € fir eng Berodung am Kader vum Ausbau vun eise Servicer;
- 991.211,81 € fir d'Klengdéierenzuchtanlag zu Iwwersiren;
- 100.000,00 € fir den Aménagement vun den ëffentleche Flächen am Parc d'Activités Syrdall;
- 155.000,00 € fir den Ausbau vum Recycling Center;
- 350.000,00 € fir d 'Ersetze vu verschiddenen Stecker Kanal an der Haaptstrooss zu Minsbech, Schëtter a Schraasseg;
- 200.000,00 € fir d'Verleen vun engem Kanal fir Iwwerflächewaasser zu Schëtter / Minsbech
- 300.000,00 € Apport en Kapital beim Wassersyndikat SIDEST;
- 430.000,00 fir Moossnamen am Interessi vum Klimaschutz;
- 250.000,00 fir de Kaf vun Terrainen fir verbëllegt Wunnengsraum;
- 2.098.000,00 € fir de Bau vu Locatiounswunnechten fir jonk Leit a Familljen;
- 300.000,00 € fir de Bau vu Locatiounswunnechten fir Matbierger iwwer 50;
- 115.000,00 € fir e Bikepark;
- 100.000,00 fir d'Spillplatzen an der ganzer Gemeng ze ergänzen;
- 200.000,00 fir den Aménagement vun de Gréngflächen;
- 500.000,00 € fir d'Astandsetzung vun der Sennengerstrooss um Neihaischen;
- 435.000,00 fir de Vëlo- a Foussgängerwee ënner der Autobunnsbréck tëscht Minsbech an Nidderanven;
- 400.000,00 € fir de Réaménagement vun der Entrée vu Schraasseg an dem Agank an d'Schlassgewann;
- 250.000,00 fir de Redressement vun der rue du Village zu Aal-Schëtter;
- 200.000,00 fir Infrastrukturaarbechten an der rue de Canach an an der Haaptstrooss zu Schëtter;
- 250.000,00 fir d'Astandsetzung vum Chemin Brehm;
- 100.000,00 € fir d'Uleen vu Foussgänger- a Radweer;

- 300.000,00 € fir dat läscht Stéck vum Vëlo- a Foussgängerwee tëscht Aalschëtter an Iwwersiren;
- 100.000,00 fir den Ausbau vun der Hal fir eis technesch Servicer;
- 3.700.000,00 € fir de Kaf vun Terrainen an Haiser;
- 300.000,00 € fir d 'Vergréisserung vun der Buvette um Fussballsterrain;
- 750.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Centre Culturel zu Minsbech;
- 350.000,00 € fir de Bau vu kannergerechte Schoulhäff an Iwwerdiech ënner deenen d 'Kanner kënne bei schlechtem Wieder spillen.

De Budget 2017 schléisst dann mat engem Boni vun 488.757,12 € of.

Op eisem Reservefong hu mir och nach 1.608.088,40 fir den Noutfall stoen.

Wei ech scho virdru gesot hunn, dëst ass e Budget an der Kontinuitéit vun **der** Politik déi mir iwwer déi läscht Joren hei gemat hunn.

Eis Ziel war et ëmmer
- déi Projeten ze realiséieren déi mer brauchen fir och an Zukunft eise Bierger hei an der Gemeng modern Infrastrukturen an eng gudder Liewensqualitéit garantéieren kënnen,
- a Punkto Taxen eis Awunner nët méi staark wéi néideg ze belaaschten,
- iwwer d 'Allocation de vie chère deene Matbierger ënnert d'Ärm ze gräifen déi finanziell nët esou gudd dru sinn,
- de bezuelbare Wunnengsbau an alle Formen an der Gemeng ze realiséieren an ze ënnerstëtzen,
- mat eisen Nopeschgemengen zesummen ze récken fir op verschiddenen Niveauen eis Moyenen ze bündelen, well mer Problemer wei zum Beispill Mobilitéit, Ëmwelt- a Quelleschutz nëmmen kënnen regional léisen.

D 'Finanzen vun eiser Gemeng si gesond a wa mir se weiderhin sou gudd an effizient wei méiglech anzesetzen, da brauche mer eis och fir d'Zukunft vu Schëtter keng Suergen ze maachen.

Et ass dëst de leschte Budget dee mer an dëser Konstellatioun hei um Dësch diskutéieren.

D'nächst Joer si Gemengewalen an d 'Bierger mussen erëm eng Kéier nei décidéieren, wien d 'Geschécker vun eiser flotter Gemeng an den nächste Joren leede soll.

Mais egal wien déi nei Responsabel ginn, d 'Gemeng lieft virun, a mir sollen all zesummen derfir suergen dat déi nächst Verantwortlech dëse Betrib ënner de beschtméiglechen Konditiounen iwwerhuele kënnen. Duerfir si mir hei, an dat si mir eise Bierger schëlleg.

An op dëser Platz ass et awer och emol Zéit fir iech ALL hei em den Dësch en decke Merci ze soen fir déi excellent Zesummenaarbecht während de leschte Joren. Nëmmen zesummen konnte mir dat erreechen wat mir haut hunn a wat nach an Ausféierung ass.

Dat war nët ëmmer esou hei an der Gemeng. Mäi mir hunn opgehal ze sichen wiem seng Schold dat wier, a fäerdeg bruet zesummen un engem Strang ze zéien, mat deem Resultat op dat mir allen 11 haut, zefridde kënnen zréck kucken.

Ech soen all eise Beamten déi gehollef hunn dëst Budgetsdokument opzestellen vun dëser Platz aus en decke Merci.

Iech all hei um Dësch géing ech bieden em Schäfferot aer eventuell Ergänzungsvirschléi zum Budget bis haut an enger Woch eranzeginn

Ech free mech op eng konstruktiv Diskussioun iwwer dëst Dokument an eiser Sëtzung vum 14. Dezember a soen iech Merci dat der mir esou laang nogelauschtert hud.

Jean-Paul JOST, Finanzschäffen

1.2. **Genehmigung der Pläne und Kostenvoranschläge für die Gestaltung der Beleuchtung der Fußgängerübergänge – Phase 1**

Zur Erhöhung der Sicherheit der Fußgänger werden in einer ersten Phase sechs Fußgängerüberwege in Schuttrange, Munsbach und Schrassig mit einer Beleuchtung versehen mit einem hellen Licht das die Autofahrer nicht blendet. Der Kostenvoranschlag beläuft sich auf 149.000 €. Die erste Phase wird in die laufenden Bauarbeiten integriert. Phase zwei kommt in einem zweiten Bauabschnitt. Die Genehmigung erfolgt einstimmig.

1.3. **Genehmigung einer Spende im Rahmen des „Faire Genoss um Kaffisdësch“**

Die Einnahmen im Rahmen des fairen Kaffisdësch, der dieses Jahr in der Gemeinde Contern stattgefunden hat, werden integral an Fair Trade gespendet und um eine Spende der Gemeinde in Höhe von 500 € aufgestockt. Die Veranstaltung war mit 130 Teilnehmern sehr gut besucht. Die Genehmigung erfolgt einstimmig.

2. **Verkehrsreglement (neu auf der Agenda)**

Im Rahmen von Anschlussarbeiten eines grösseren Bauprojektes an die Versorgungsnetze wird vom 28.11. bis Ende der Arbeiten (ca. 4 Wochen) der Verkehr in Alt-Schüttringen mit Ampeln geregelt.

Rat Jean-Marie ALTMANN fragt nach dem Stand der laufenden Baustellen. Wie **Schöffe Jean-Paul JOST** erläutert sind die Arbeiten teilweise in Verzug aufgrund von unvorhergesehenen Zusatzarbeiten und krankheitsbedingten Ausfällen bei der Baufirma. Die Genehmigung erfolgt einstimmig.

3. **Urbanismus**

3.1. **Annahme eines PAP in Schuttrange „In der Acht“**

Ein Investor plant den Bau von 17 Einfamilienhäusern und einer seniorengerechten Residenz (50+) mit 32 Einheiten „In der Acht“ in Schüttringen. Der entsprechende PAP wurde auf den prozeduralen Weg gebracht. Seitens des Ministeriums wird das Projekt grundsätzlich begrüßt, jedoch mit einigen Anmerkungen versehen. Ein Vertreter des Architekturbüros Christian Bauer erläutert im Detail die geplante Bebauung und die Anpassungen der Planung unter Berücksichtigung der ministeriellen Anmerkungen.

Der schriftliche sowie der grafische Teil des PAP werden entsprechend angepasst. Auf Nachfrage von **Rätin Michèle DIEDERICH** erläutert **Schöffe Jean-Paul JOST,** dass die entsprechenden Konventionen zwischen dem Investor und der Gemeinde in Arbeit sind. Die Konventionen konnten zum heutigen Tage noch nicht vorgelegt werden da die genauen Grundstücksflächen erst jetzt bestimmt werden können. Er versichert aber, dass besagte Konventionen mit der „convention d’exécution“ des PAP vorgelegt werden. Da die Gemeinde auch eine kleine Parzelle mit in das Projekt einbringt und somit auch Eigentümer von Nettowohnraum im 50+ Projekt wird, ist auch sichergestellt, dass die Nutzung im Sinne der Gemeinde sein wird. Darüber hinaus werden Bürger der Gemeinde ein zeitlich begrenztes Vorkaufsrecht haben, sobald das Projekt auf den Markt kommt.

Die Genehmigung erfolgt gegen die Stimmen der LSAP Fraktion.

4. **Schriftliche Fragen der Räte** liegen nicht vor.

Termin der nächsten Gemeinderatssitzung: 14. Dezember 2016.